# WAT äntweren?

# Ech wëll keng grouss Schwëster/kee klenge Brudder méi...

## Ënnert dem Afloss vun den Emotiounen...

Dir hutt d'Jalousie, d'Gejäiz an d'Gestreits tëschent Äre Kanner sat?

Wann een iwwer Bezéiungen tëschent Geschwëster schwätzt, sinn d'Reaktiounen oft zimmlech eendeiteg. Entweeder si si déi beschte Kolleegen oder si haasse sech esou vill, dass si et iwwerhaapt net mateneen aushalen.

Et gëtt awer just seele probéiert ze verstoen, firwat dës Konflikter iwwerhaapt entstinn. Als ob hir Existenz déidlech wier. D'Kolleegialitéit tëschent Brudder a Schwëster ass eng eine Art Chance: Heiansdo funktionéiert se an heiansdo net. Et ginn allerdéngs wesentlech Facteuren, déi hëllefen, d'Grënn fir dës Konflikter tëschent Geschwëster besser ze verstoen.


## „Theoretesch" Repèren

E Kand ass am Alter vun 1 bis 3 Joer oft am jalousten op e klenge Brudder oder eng kleng Schwëster, well et him schwéierfält, d'Opmierksamkeet vu sengen Elteren ze deelen. Et ka séier vun Opreegung oder Stolz a Jalousie, Trauer oder Roserei ëmschloen. Et kann och virkommen, dass et de Bëbee zréck an d'Spidol brénge wëll oder him ongewollt wéi deet. Oder et probéiert, Opmierksamkeet ze kréien, andeems et sech kannereg behält, z. B. net propper ass oder freet, fir geniert oder mat enger Fläsch gefiddert ze ginn.

Et ass normal, dass e ganz klengt Kand egozentresch ass. Et ass nach net kapabel, sech dofir z'interesséieren, wat anerer erliewen oder duerchmaachen. Empathie ass keng bei Kanner ugebueren Eegenschaft. Si brauchen hir Elteren, fir dass si léieren ze verstoen, wéi anerer sech fillen.

**Mat 6 bis 7 Joer fänkt d'Kand un ze verstoen, wat Kooperatioun heescht,** esou dass et an der Lag ass, mat aneren ze deelen an eng Bindung op dës Manéier ze festegen.

E méi en aalt Kand kann seng Jalousie op eng méi subtil Manéier zum Ausdrock bréngen. Zum Beispill kann et virkommen, dass et de Bëbee ganz fest dréckt oder him bestëmmte Saachen zu Onrecht virgehäit.



## D'Meenung vun den Experten/Expertinn

Vill Kanner erliewen e klenge Brudder oder eng kleng Schwëster, deen/dat plëtzlech opdaucht, als eng Ongerechtegkeet. Obwuel dësen neie Familljemember (fir net ze soen: Eindringling) vun den Eltere gewollt ass, dierfen d'Kanner, déi schonn do sinn, just seele matschwätzen a sinn dofir net onbedéngt frou iwwer dës Verännerung.

Mengt net, dass d'Rivalitéit tëschent de Geschwëster direkt no der Gebuert vum Kand optrëtt. Dëst geschitt éischter, wann de Bëbee ca. 6 Méint huet, bal de ganzen Dag wakereg ass a sech als Persoun ëmmer besser duerchsetze kann.

Kleng Kanner brauche vill Opmierksamkeet vun hiren Elteren, wat méi al Kanner jalous maache kann.

Dat eelste Kand ka seng Roll als grousse Brudder oder grouss Schwëster esou eescht huelen, dass hien oder hatt méiglecherweis iwwerdreift. Zum Beispill kann et vis-à-vis vum Bëbee besëtzergräifend sinn. E Kand kann och immens stolz drop sinn, e méi jonkt Geschwësterchen ze hunn. Et wëll de Bëbee jidderengem weisen an en dauernd knuddelen.

D'Jalousie vum eelste Kand kann ufänken oder sech nees manifestéieren, wann de Bëbee (oder dat méi klengt Kand) eng nei Liewensphas erreecht: Wann e lafe léiert, wann en dat anert Kand beim Spillen ënnerbrécht, deem seng Spillsaache futti mécht oder se an der ganzer Wunneng verstreet, a wann e schwätze léiert a säi grousse Brudder oder seng grouss Schwëster erausfuerdere kann.

Geschwëster sinn ëmmer eng **Quell vu Rivalitéit.** Konflikter tëschent Geschwëster kënne vun einfachem Gestreits bis – a ganz schlëmme Fäll – zu explosivem a vernichtendem Haass goen.

Fuerscher hunn erausfonnt, dass d'Fäegkeet vun engem Kand, innerhalb vun der Famill ze kooperéieren an ze deelen, duerno och bei de Frënn beobacht gëtt. Dëst heescht awer net, dass en Eenzelkand noutwendegerweis egoistesch an egozentresch ass. Dank de Grenzen, déi e Kand ouni Geschwëster doheem gesat kritt, versteet hatt, dass een d'Besoine vun anere berücksichtege muss.

## Tipps a méiglech Reaktiounen

- **Denkt drun, d'allgemeng Fiche Nr. 2 ze liesen.**
- Sot him, dass Dir nach ëmmer genee esou frou mat him sidd wéi virdrun an och esou vill wéi mat sengem klenge Brudder/senger klenger Schwëster. Hatt war och e Wonschkand an Dir waart mat him grad esou frou an hutt lech och esou ëm hatt gekëmmert (an dass et och wäert esou bleiwen ...).
- Invitéiert Äert Kand, d'Reaktiounen an d'Gefiller vun aneren ze beobachten.
- Liest him Geschichte vir iwwer Famillen, déi grad e Bëbee kritt hunn, a schwätzt mat him iwwer d'Gefiller, déi dës Gebuert bei him ausléist. Notzt d'Geschichten, déi Dir Ärem Kand virliest, fir zesummen doriwwer ze schwätzen, wéi et anere Geschwëster geet.
- Encouragéiert et, op d'Verhale vun aneren Uecht ze ginn. Invitéiert hatt zum Beispill, säi klenge Brudder ze tréischten oder seng Spillsaache senger grousser Schwëster ze léinen.
- Erfannt Rollespiller. Dës kënnen Ärem Kand hëllefen, de Standpunkt vun deem aneren ze verstoen.
- Loosst Äert gréisste Kand liewe wéi e Kand a sengem Alter. Just well hatt dat Eelst ass, heescht dat net, dass hatt soll wéi e „Grousst“ denken. Erlaabt him, kleng ze bleiwen.
- Loosst hatt seng Trauer oder Roserei ausdrécken, mä sot him, dass Dir keng Gewalt tëschent Geschwëster akzeptéiere wäert.
- Sot him, dass et normal ass, net ëmmer mat sengem Brudder oder senger Schwëster zuwee ze kommen, an dass de Léierprozess, ze deelen, ze verginn a mateneen eens ze ginn, en Deel vum „Groussginn“ ass.
- Probéiert, mat Ärem eelste Kand Zäit eleng ze verbréngen. Schwätzt mat him, knuddelt et, huelt u senger Liblingsbeschäftegung deel ... Erënnert lech drun, dass et net dat Wichtegst ass, him vill Zäit ze widmen, mä „Quality Time“ mat him ze verbréngen, wou Dir komplett fir hatt do sidd. Dat wäert hatt vun Ärer Léift fir hatt iwwerzeegen.
- Ënnerhuelt Saachen als Famill ...
- Liest d'Buch „Kleine große Schwester“ vum Ann Forslind.

planning familial

## Hëllefsmëttelen

- Kleine grosse Schwester

Eng Bibliothéik mat Material, en nëtzleche Lexikon, eng Bibliographie, wichteg Adressen etc. Dir fannt all eis Hëllefsmëttelen an den „Annexe“-Fichen op dem Site **www.watantweren.lu**